# Happy Birthday

Gebuertsdagsfeier an der Geenzebléi zu Wolz




**Wolz.** Am Juli goufe 34 Bewunner aus der Geenzebléi vun der Amicale geéiert, déi am Abrëll, Mee a Juni Gebuertsdag haten. Bei der Begréissung huet de President Jing Huet am Numm vun der Amicale de Gebuertsdagsleit gratuléiert an hinnen all fir Zukunft eng gutt Gesondheet gewënscht an datt si nach vill Fester mat der Amicale kënne zesumme féieren. D'Direktioun vum Servior war duerch d'Evelyne Plawny an dem David Waxweiler vertrueden. D'Gemeng war wéi ëmmer bei sou enger Feier duerch d'Buergermeeschtesch Carole Weigel an d'Schäffin Chantal Kauffmann souwéi dem Schäffen Amel Cosic gutt vertrueden. D'Buergermeeschtesch huet am Numm vun der Gemeng alle Geéierte gratuléiert an hinne fir d'Zukunft alles Guddes gewënscht. Duerno huet den Orchester Jos Schartz den Happy Birthday gespillt, wou jiddereen matgesong huet. Bei engem gudde Patt an engem Stéck Gebuertsdagskuch gouf gedanzt a gesongen. Vun der Amicale gouf et wéi ëmmer ee Kaddo fir all déi 34 Geéiert an d'Gemeng huet ee Kaddo un all d'Bewunner, déi ee ronne Gebuertsdag haten, iwwerreecht.

*Jean-Paul Huet*
*via mywort*